Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Lëtzebuerger Scouten Gemeng Nidderaanwen, a.s.b.l. | R.C.S. Luxembourg F 7.727. Tel: 661170497 | Z.I. Bredewuess L-1259 Senningerberg | jil.steyer@hotmail.com http://www.scouten.lu

Léif Wëllefcher, léif Elteren,

Mir hoffen Dir hudd alleguerten eng schéin an erhuelsam Vakanz verbruecht. No laanger Paus starten mir dann elo och an eist neit Scoutsjoer 2016/2017.

Bei dësem éischten Trakt fannt Dir eng Fiche Médicale dobäi. W.e.g ausfëllen an spéitstens bis den 24.09.2016 bei engem vun eis ofginn oder an eng Versammlung matbréngen!
Et ass wichteg, dass di verschidden Dokumenter dobäi sinn: Eng Kopie vun der ***Carte d'Identité oder Pass****, vun der* ***Impfkaart*** *an vun der* ***Sécurité sociale****.*

WICHTEG*:* Fir déi Wëllef, déi dest Joer an d'Avex wiesslen, gëlt dësen Trakt nemmen bis d'Montée! (déi Aktiviteiten mad engem * markeiert)

Hei kommen déi éischt, wichteg Informatiounen fir lech:

Wéini?	***Wat?***	***Wichteg!***
*17.09.16	Normal Versammlung, 16h00-18h00	/
*24.09.16	Normal Versammlung, 16h00-18h00	/
*01+02.10.2016	Montées Weekend am Bëschhaus Départ: 14h00 beim Bëschhaus Retour: 16h00 beim Bëschhaus	w.e.g Uniform+Foulard undoen
08.10.16	Normal Versammlung, 16h00-18h00	/
09.10.16	Journée Commémorative Depart: 9h45 beim Monument des Morts Retour : Hueschterter Kierch (eng genau Auerzait ass nach net gewosst)	w.e.g Uniform+Foulard undoen
15.10.16	Porte ouverte vum Scoutsgrupp: 16h-18h	Porte ouverte
17.10.16	Elterenversammlung	19h00 Beschhaus
22.10.16	Normal Versammlung vun 16h - 18h	/
29.10.16	Keng Versammlung → Vakanz	Schéin Vakanz
05.11.16	Keng Versammlung → Vakanz	Schéin Vakanz

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Lëtzebuerger Scouten Gemeng Nidderaanwen, a.s.b.l. | R.C.S. Luxembourg F 7.727. Tel: 661170497 | Z.I. Bredewuess L-1259 Senningerbierg | jil.steyer@hotmail.com http://www.scouten.lu

* 01-02 Oktober 2016: Montéesweekend

Um Montées-Weekend huelen wei gewinnt all Branchen vun den Nidderaanwener Scouten deel. Dësen Weekend mëscht den Wiessel vun enger Branche an déi änner méi einfach an zesummen wäerten mir vun grouss bis kleng en flotten Weekend verbréngen. Dëst Joer schlofen mir um Senningerbierg an eisem Scoutshome. Umellen muss Dir Iech bis spéitstens den 21.09.2016 beim Jil : Entweder per SMS um 661170497 oder per Email: jil.steyer@hotmail.com
!Opgepasst: Aus organisatoreschen Grënn ass et net méiglech méi speid op den Weekend ze kommen oder éischter oofgeholl ze ginn!

Wéini?	01+02.10.2016
Départ	Um **14:00** Auer beim **Bëschhaus**
Retour	Um **16:00** Auer beim **Bëschhaus**
Präis	30 Euro
Mathuelen	Carrymatt, Schlofsack, Wäschsachen, gudd Schong, Kleeder fir all Wieder, Erlaabnisziedel...

09 Oktober 2016 – Journée Commémorative

Den 9ten Oktober ass Journée Commémorative wou mir als Scouten natierlech och deelhuelen.
Depart ass beim Monument des Morts duerno geet et an den Loisi an dann an d' Hueschterter Kierch.

15 Oktober 2016 – Porte Ouverte

Den 15ten Oktober ass Porte Ouverte, fir all déi Kanner aus der Gemeng déi nei wëllen an d'Scouten kommen. Dofir hunn all d'Branchen zesummen vun **16h** bis **18h** Versammlung.

17 Oktober 2016 – Elterenversammlung

Heimadder inviteieren mir op eis Elterenversammlung fir d'Branche Wellef ze präsenteieren mat hieren neien Cheffen an dei wichtegst Informatiounen erklärt ginn. Rendez-vous ass um ***19 Auer*** *am Beschhaus.*

Allgemeng wichteg Informatioun:

***Cotisation*:** Mir wieren frou wann desst sou seier wei meiglech keint gescheien, an zwar bis den **1. November 2016**, daat erlichtert eis en groußen Deel vun der Organisation. DVergiesst och w.e.g net den Numm vum **Kand** an **d'Branche** an d'Kommunikation ze schreiwen.
Weider Informatiounen fannt dir am ***Bréif vum Grupp am Attachment.***

Aer Wëllefchers-Chefequipe
(Laura, Laure, Jil, Charly, Max)

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Lëtzebuerger Scouten Gemeng Nidderaanwen, a.s.b.l.

R.C.S. Luxembourg F 7.727.
Tel: 661170497

Z.I. Bredewuess
L-1259 Senningerberg

jil.steyer@hotmail.com
http://www.scouten.lu

Erlaabnis Ziedel Montées-Weekend:

Heimat erlaaben ech _____

mengem Kand/Kanner_____

mat den Nidderaanwener Scouten (Branche:Wëllefcher) ob den Montées-Weekend op Nidderaanwen ze goen! (01+02.10 2016)

Datum: Ennerschreft: